
# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

FEBRUAR - MÄERZ 2024

## De Wanter hat eis fest am Grëff






**Edito** 3

*Loosst eis d'Äerm eropkrempele fir 2024! – Remontons les manches pour 2024 !*

**E Budget fir d'Zukunft** 4

*Enn Dezember war et nees eng Kéier esou wäit: de Budget fir 2024 gouf am Gemengerot diskutéiert an uschléissend gestëmmt. Et ass e Budget, dee Kontinuitéit versprécht an dozou bäidroe soll, datt et de Leit Freed mécht, an der Gemeng Péiteng ze wunnen, hei an d'Schoul ze goen oder ze schaffen.*

**Das Denkmal in der Petinger Bahnhofshalle (Teil 1)** 7

*Betritt man die Halle des Petinger Bahnhofs, so fällt einem sofort ein imposantes Denkmal ins Auge, das vor ziemlich genau 70 Jahren, um präzise zu sein, am 7. März 1954 dort feierlich eingeweiht wurde. Was hat es damit auf sich?*

**AGENDA** 8

*Février - Mars*

**Wat war lass?** 11

**Rentnerfeier 2023** 12

**Mir gratuléieren** 18

**D'Gemeng informéiert** 20

*Un archivage conforme à la loi*

*Neie Mataarbechter*

*RPL-TV*

*RADIO Péiteng on Air*

*A la recherche de familles d'hôtes pour les étudiants de Schio*

**Atelier du son (Péiteng)** 21

**Leichte Sprache - ein Artikel für Menschen mit Lernschwierigkeiten** 22

*Bald ist Kavalkade in Petingen*

**76e Cyclo-Cross International du Nouvel An** 24


# IMPRESSUM


**Éditeur :**

Administration communale
de Pétange

B.P. 23 • L-4701 Pétange

Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000

www.petange.lu

commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Pia Hansel, Nathalie Flenghi, Tom Meis

**Photos :**

Service Culture et Communications,
Laurent Blum, Seniorie St Joseph,
Val Wagner

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier
100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée
gratuitement à tous les ménages
de la commune de Pétange.

**Édition :**

Février - Mars 2024

ISSN 1993-0070

# Loosst eis d'Äerm eropkrempele fir 2024!

De Budget gouf am Dezember 2023 vum Gemengerot guttgeheescht, an elo gëllt et nees d'Äerm eropzekrempelen, well d'Aarbecht an der Gemeng mécht sech net vum selwen. Et stinn nees eng sëlleche Projeten an de Startlächer iwwerdeems anerer nach musse fäerdeg gemaach ginn. An dofir brauch een e gutt geféllte Portmonni, well fir näischt gëtt et och fir d'Gemeng näischt. Wat alles op der Lee steet fir déi nächst Joer vun dëser Legislaturperid, dat gouf schonn an de Budgetssëtzungen erläutert, weider Detailer wäerten awer och am „Plan pluriannuel" stoen, deen am 1. Semester 2024 vum Schäfferot virgestallt gëtt.

Jo, d'Enveloppe, déi de Politiker hei an d'Hänn geluecht gëtt, ass gutt gefëllt fir all déi ugepeilte Projeten ze finanzéieren. Genee aus deem Grond ass et wichteg, datt ee wéi e „bon père de famille" kuckt, datt d'Suen esou investéiert ginn, datt et fir d'Allgemengheet e Méiwäert duerstellt an awer genuch um Enn iwwreg bleift fir Saachen, déi net virgesi waren. Wann op dës Manéier d'Liewensqualitéit weider an d'Luucht geet, da kann ee soen, et gouf gutt geschafft. An dorop hoffe mir alleguer, well genee ewéi fir eis Famillje musse mir och fir d'Gemeinschaft suergen. An déi Aufgab huele mir ganz eescht!



# Remontons les manches pour 2024 !

Le budget fut voté par le Conseil communal au mois de décembre 2023. Désormais, il faut se remonter les manches car les travaux dans la commune ne se réalisent point d'eux-mêmes. Une panoplie de projets se trouvent dans les starting blocks tandis que d'autres sont sur le point d'être terminés. Mais pour cela, il importe d'avoir un porte-feuille bien rempli, car tout a un prix – aussi pour la commune. Tout ce qui est prévu pour les années de la législature actuelle fut déjà discuté dans les séances communales concernant le budget. Des détails supplémentaires seront présentés par le collège échevinal dans le plan pluriannuel lors du 1er semestre de l'année en cours.

Oui, l'enveloppe dont les politiciens sont en charge est bien remplie afin de pouvoir financer tous les projets visés. Voilà la raison pour laquelle il est important de la gérer en « bon père de famille » et de voir que l'argent soit investi de façon à générer une plus-value pour le public, mais sans oublier de garder une poire pour la soif. Si, de cette façon, la qualité de vie s'améliore, alors on pourra dire que le travail a bien porté ses fruits. Et c'est bien cela que nous espérons tous car nous devons nous soucier de nos familles mais aussi de notre communauté. Et cette tâche, nous la prenons très au sérieux !



# D'Aarbecht geet net aus!

Enn Dezember war et nees eng Kéier esou wäit: de Budget fir 2024 gouf am Gemengerot diskutéiert an uschléissend gestëmmt. Et ass e Budget, dee Kontinuitéit versprécht an dozou bäidroe soll, datt et de Leit Freed mécht, an der Gemeng Péiteng ze wunnen, hei an d'Schoul ze goen oder ze schaffen.

### Den Dialog mat de Bierger

Fir dës **Liewensqualitéit** ze verbesseren, ass et net nëmme wichteg, datt d'Gemeng alles dru setzt fir dat Zil z'erreechen, ma och d'Bierger sinn hei gefrot fir matzehëllefen. An enger éischter Phas gouf eng Ëmfro lancéiert, wou e bësse méi e kloert Bild soll entstoen, wéi d'Leit sech informéieren an ob si sech och gutt informéiert fillen. Op dësem Wee ass et méiglech ze gesinn, wéi sech d'Bierger aus der Gemeng informéieren, awer och wou een nach muss mat méi Nodrock schaffe fir datt d'Informatioun jiddereen dobaussen erreecht. Nëmmen esou ass et dann och méiglech, d'Servicer ze optimiséieren. Och wann nach net all Questionnaire beäntwert zeréckkoum, esou soen déi Verantwortlech awer schonn e grousse Merci fir d'Matmaachen. Esou en Dialog – och wann en um Pabeier, via e-mail oder sozial Medië geschitt – muss an der Gemeng funktionéiere fir datt mir eng modern a performant Verwaltung am Dingscht vun de Bierger kënne bidden. Mir schaffen drun!

### An d'Schoulen an d'Maison Relaisen investéieren

E ganz grousse Posten am Budget gëtt an **d'Gemengeschoulen** investéiert. Esou gëtt zu Péiteng d'Erweiderung vun der Eigent-Schoul fäerdeg, déi ronn 3,46 Milliounen Euro kascht. Awer eng



nei Schoul ass och schonn am Viséier, dat op där Plaz, wou de Staat aktuell seng Schantjesinstallatioun huet. Zu Rodange tëscht der aktueller Meederchersschoul an der rue Nic. Biever entsteet deen neie **Schoulcampus**, wou schonn 8 Milliounen Euro prett stinn. D'Terrassementsaarbechte ginn hei am Fréijoer 2024 un.

Wat déi interaktiv Tafelen ugeet, esou sinn déi Rodanger Gebaier schonn ausgestatt ginn, an och an der Parkschoul goufen der installéiert. Elo stinn nach d'Eigent-Schoul an duerno déi Rollenger Schoul Beim Tëtelbierg um Programm.

An à propos Schoulen, dozou gehéiert natierlech och déi nei **Museksschoul**, déi am Zentrum vu Péiteng gebaut gouf. No laange Jore ass dat aalt Gebai an der Kierchestrooss aus allen Néite geplatzt, esou datt de Bau vun enger ganz neier, moderner an zäitgeméisser Museksschoul noutwendeg war. Hei wäerten déi méi wéi 600 Schüler an 32 Léierpersounen vill méi Plaz an den adäquate Raimlechkeeten hu fir dës wichteg



a flott Institutioun nach méi beléift fir d'Musiker in spee ze maachen. Jo, et ginn et puer Retarden um Bau vun dëser neier Museksschoul, awer e soll geschwënn dat neit Doheem fir all Klasse sinn.



Nieft deene 6 Maison Relaisen, déi aktuell a Betrib sinn an der Péitenger Gemeng, a wou 774 Kanner ageschriwwe sinn, ginn et nach vill Nofroe fir Plazen ze kréien. D'Waardelëscht ass laang, a fir deem entgéintzewierken huet d'Gemeng nach zwee gréisser Projeten ausgeschafft fir nach méi Betreiungsméiglechkeeten ubidden ze kënnen. Esou entsteet zu Péiteng nieft der aktueller och nach eng **nei Maison Relais**, wou 237 Kanner ënnerkomme wäerten. Zu Rodange um neie Campus sollen 222 Plazen entstoen, wat emol zäitweileg hëllefe wäert. Béid nei Gebaier schloe mat ronn 13 Milliounen Euro zu Buch. Zukunftsmusek ass nach e weidert Haus op deem alen LTMA-Site zu Péiteng, wou awer elo schonn am Budget Sue fir d'Ausschaffe vum Projet virgesi ginn.

## Jugend a Senioren

Zu Péiteng steet fir déi jonk Leit d'„mise en conformité" um **Jugendhaus** zu Péiteng um Programm. Nodeems den Ëmweltministère seng Zoustëmmung gëtt, wäert och hei mat den Aarbechten am a ronderëm d'Haus ugefaange ginn. Dësen Accord ass noutwendeg, well zum Ausbau och d'Garage gehéiert, wou fréier den Atelier vun den Usträicher vun der Gemeng war. Och zu Rodange, wou eng Annex vum Jugendhaus an Nidderréideng besteet, wäert eng grouss Ännerung kommen. **Hanner der neier Tribün vum Stade Jos. Philippart** – Eck Brouckerwee a rue Jos. Moscardo - entsteet e ganzt neit Haus, wou sech d'Generatiounen treffe wäerten an esou Jonk a manner Jonk sech nees méi no kennen a schätze léieren, esou ewéi dat mol fréier war, wou e puer Generatiounen an den Haiser gewunnt hunn.



## De Sport am Viséier

Och de Sport an déi Infrastrukturen, déi dozou gehéieren, sinn am Budget agedroen. Esou steet zu Rodange e grousse Schantjen am Kalenner fir dëst Joer: de **syntheteschen Terrain** muss erneiert ginn. Dat wäert mat 680.000€ nawell kräfteg an de Portmonni schloen. Dëst ass awer noutwendeg, well de Verschläiss natierlech grouss ass wann esou dacks drop gespillt gëtt. Eng Erneierung, déi net ze vermeiden ass. Iwwerdeems gëtt an der Sportshal zu Rodange de Buedem erneiert, fir deen 150.000€ virgesi goufen.

Zu Péiteng kritt de Sportzenter Bim Diederich en neien Daach fir ronn 350.000€. Doriwwer eraus soll op der Lenger Strooss bei den Tennisterrainen och nach en Terrain fir **Paddle-Tennis** ageriicht ginn. Dofir mussen awer emol fir d'éischt Etudë gemaach an e Projet ausgeschafft ginn.

Wat de PiKo ugeet, do gëtt et eng Ëmstrukturéierung. De Saunaberäich am fréiere Gebai war net méi zäitgeméiss fir d'Leit vun heiheem awer och fir d'Touristen, déi an de Minett kommen, a wëlle vun



der Méiglechkeet profitéiere fir Wellness z'erliewen. Dofir entsteet am Doihl en neie Saunaberäich op deene Parzellen, déi am PAG dofir virgesi sinn.

### Iwwer an ënnerem Buedem

Aarbechten, déi een als Bierger net esou richteg wouer hëlt, déi awer wichteg sinn, fannen zum groussen Deel ënnerem Buedem statt. Och am Joer 2024 gëtt z.B. weider un der Kanalisatioun geschafft. Aarbechten, déi schonn zënter enger Zäitchen amgaang sinn oder nei Aarbechten, déi eréischt ufänken an dobäi zesummen iwwer 1 Milliooun Euro verschléngen. Hei sief awer gesot, datt 65% vun eisem Netz an engem gudden Zoustand sinn.



Wat d'Iwwerflächewaasser ugeet, do sinn zwou Achse virgesinn. Déi eng geet zu Péiteng vun der Kor erop op d'Nidderkuerer Strooss, woubäi dann och de Site Eucosider mat ugeschloss ka ginn. Déi aner geet zu Rolleng duerch d'rue de la Gare fir dann och déi fréier Gemengenatelieren unzeschléissen. Alles an allem wäerten dës Schantercher 2,5 Milliounen Euro verschléngen.

**Zum Thema Parkplazen**. D'Gemeng Péiteng plangt, zousätzleche Parkraum – och mat Plaze fir Leit, déi eng Behënnerung hunn – awer och fir Camionnetten, déi jo net an de Stroosse parke sollen. Si wäerten an Zukunft d'Gefierer op weider Parkinge kënnen ofstellen, esou z.B. an der rue Moscardo zu Rodange oder an der rue de Niedercorn zu Péiteng. En neie **Guidage – Parkleitsystem** – wäert den Automobilisten 2024 och **zu Rodange** weisen, wou nach Parkplazen ze kréie sinn. Zu Péiteng gëtt dann och **d'Maartplaz** ganz nei gemaach. Nieft enger méi staarker Beplanzung sinn d'Plazen esou konzipéiert, datt méi Autoen hei kënne parken.

### Urbanismus an Ëmwelt

Am Kader vun der Raumplanung ass nach z'ernimmen, datt d'Gemeng Péiteng an nächster Zukunft och wäert en neie Recyclingzenter bauen an dofir en neien Terrain brauch. Eng Optioun hu mir och schonn an d'A gefaasst, well nei Obligatioune fir d'Lageren an den Ëmgang mat dem Offall esouwéi fir d'Gestioun an d'Weiderbenotze vun de Saachen, déi ugeliwwert ginn, vum zoustännege Ministère, vun der Ëmweltverwaltung an dem Syvicol koumen. Aus dem fréiere „Centre de recyclage“ gëtt elo e „Centre de ressources“, deen e „point de reprise et de contrôle”, Second-Hand-Raimlechkeeten esouwéi eng Informatiouns- a Sensibiliséierungsstell muss hunn.



Am Ëmweltservice vun der Gemeng deet sech och esou munches, an zwar an deem Sënn, datt de Service eng Ëmstrukturéierung stattfënnt. De Sënn vun dëser Ännerung besteet doran, datt de „spezialiséierte Knowhow“ an esou engem wichtegen a facetteräiche Beräich de Pfeiler ass, wourop de Service steet. Am Interesse vun der Ëmwelt muss dëst breet gefächert Wëssen agesat ginn. D'Bedeelegung um Klimapakt 2.0 an d'Opstelle vun engem Klimateam heescht och, Hand an Hand schaffe fir konsequent ëmweltfrëndlech ze handelen.

A mam Naturpakt schafft d'Gemeng mam Staat zesumme fir am Interesse vum Ëmweltschutz Moossnamen ze huelen, déi nohalteg sinn an e positiven Effekt op d'Liewensqualitéit hunn. Dat duerch erneierbar Energien an de Gemengegebaier, ëmweltfrëndlech Gefierer an nach eng ganz Rëtsch aner Projeten, déi e positiven Impakt op eis Ëmwelt hunn. All dës Beméiunge ginn no engem Punktsystem bewäert, duerch deen d'Gemeng an doduerch d'Bierger a Biergerinnen nëmme kënne gewannen.

Kleng ma effektiv Aarbechte fir eng Entlaaschtung vun der Ëmwelt sinn op enger ganzer Rei Plaze schonn an d'A gefaasst ginn.

D'Initiativen, déi den Energieberäich betreffen, ginn am Plan pluriannuel, deen am 1. Semester 2024 virgestallt gëtt, weider beliicht.

Et steet also ganz vill um Programm fir 2024, an d'Investitiounen, déi gemaach ginn, wäerten sech nom Enn vun den Aarbechten lounen. Fir déi extraordinär Projete si ronn 62,6 Milliounen Euro fir dëst Joer virgesinn, an do bleift e Boni vun 11,8 Milliounen Euro iwwreg. E gutt Polster fir déi Joren, déi elo kommen. Trotz deenen dach schwéieren Zäiten huet sech d'Gemeng Péiteng weiderentwéckelt an et fäerdegbruecht, d'Verschëldung bis op 940.000€ erofzekréien, wat enger Kappverschëldung vu 44€ gläichkënnt. E gudden Ausgangspunkt fir d'Zukunft, a besonnesch fir d'Bierger, déi ëmmer am Mëttelpunkt vun den Iwwerleeunge stinn.

# Das Denkmal in der Petinger Bahnhofshalle




Betritt man die Halle des Petinger Bahnhofs, so fällt einem sofort ein imposantes Denkmal ins Auge, das vor ziemlich genau 70 Jahren, um präzise zu sein, am 7. März 1954 dort feierlich eingeweiht wurde.

### Was hat es damit auf sich?

Vor der Besetzung unseres Landes durch deutsche Truppen am 10. Mai 1940 gab es in Luxemburg zwei Eisenbahngesellschaften: die Wilhelm-Luxemburg-Bahn mit Sitz in der Hauptstadt sowie die Prinz-Heinrich-Bahn mit Sitz in Petingen, wo sich außer dem Verwaltungsgebäude auch die Einrichtungen für Unterhalts- und Reparaturarbeiten („Ateliers“) befanden. Das führte mit sich, dass in Petingen zu Beginn des 2. Weltkriegs knapp 800 Eisenbahner beschäftigt waren und die Ortschaft als „Eisenbahnerstädtchen“ galt.

Am 27. November 1940 verordnete Gustav SIMON, Chef der Zivilverwaltung und späterer Gauleiter, die Auflösung der beiden Eisenbahngesellschaften, und durch eine weitere Verordnung vom 29. Mai 1942 wurden diese rückwirkend auf den 1. Januar 1941 Eigentum des Deutschen Reiches. Seit Ende 1940 mussten die Eisenbahner sämtliche früheren Abzeichen von ihren Uniformen entfernen und stattdessen am Oberarm eine gelbe Armbinde mit Flügelrad tragen, die mit einem Stempel der Reichseisenbahn versehen war. Im Laufe der Zeit wurden immer mehr Eisenbahner mit ihren Familien, unter dem Vorwand „sie bieten nicht die Gewähr“ nach Deutschland versetzt, wo sie ihre deutschen Berufskollegen, vor allem Lok-Fahrer, die an der Front waren, ersetzen mussten.

Sehr schnell regte sich in Eisenbahnerkreisen der Widerstand gegen die deutschen Besatzer, und besonders die Werkstätten wurden zum Zentrum der Resistenz gegen Nazi-Deutschland. Aus Münzen wurden patriotische Anstecknadeln gefertigt, ein Hitlerbild wurde zerstört, und bereits vor der Verkündigung der allgemeinen Wehrpflicht für die Jahrgänge 1920 - 1924 am 30. August 1942 häuften sich die Sabotage-Akte. Zudem weigerten sich viele Eisenbahner, sich freiwillig in die „Volkstumskartei“ eintragen zu lassen.

So blieb es nicht bei Strafversetzungen, sondern es kam zu zahlreichen Festnahmen. Einige Widerständler wurden zwar nach einem rabiaten Verhör bzw. einem kürzeren Aufenthalt in den Gefängnissen von Esch/Alzette, Luxemburg-Grund oder Trier wieder auf freien Fuß gesetzt, für mindestens 46 von ihnen aber führte der Weg ins „Sonderlager“ Hinzert, und von dort aus meist oder auch sofort in weitere Konzentrationslager; Kinder und Frauen der Verhafteten wurden in ein Arbeitslager nach Trier-Ruwer deportiert, wo diese zwei Monate lang für die Schuhfabrik „Romika“ Zwangsarbeit leisten mussten. Insgesamt 14 dieser Männer sollten ihre Heimat nie wiedersehen.

Noch vor Kriegsende kam unter Eisenbahnerkollegen der allgemeine Wunsch auf, die toten Kameraden durch ein Denkmal zu ehren. Aus den beiden Vorkriegs-Eisenbahngesellschaften war rückwirkend auf den 1. Juni 1946 die „C.F.L“ entstanden, in der Halle des Hauptbahnhofs Luxemburg war ein Monument für sämtliche Eisenbahner, die Opfer der Naziherrschaft geworden waren, errichtet worden, doch die Petinger wollten ihre eigene Gedenkstätte.

Zu Beginn des Jahres 1947 bildete sich ein provisorischer Vorstand, durch eine Spendensammlung, an der sich die gesamte Bevölkerung, aber u a. auch die Gemeinde beteiligte, kam eine beträchtliche Summe zusammen, die allerdings, und obwohl der Grubenbesitzer Léon BERENS aus Rümelingen gratis die benötigten Steine lieferte, für die anfänglichen Pläne nicht ausreichend war. Mehrere Standorte waren ins Auge gefasst worden, aber allein deren Umgestaltung hätte die verfügbaren Mittel verschlungen.

So erlosch die ursprüngliche Begeisterung, andere Denkmäler wurden in Petingen errichtet, doch die Pläne für die Eisenbahner-Gedenkstätte ruhten erst einmal, bis …

*Der 2. Teil folgt in der Ausgabe Abrëll/Mee 2024.*

# AGENDA
## Février - Mars

**04.03. a 25.03.**
### BICHERBUS
Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet änner:
https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE
**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**TOUR 3: DEN 16.02. A 15.03.**
**TOUR 2: DEN 09.02. A 06.03.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG
Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**TOUR 1: DEN 16.03.**

Org.: Péitenger Guiden a Scouten

**07.02. et 06.03.**
### MARCHÉ MENSUEL
Pétange – place John F. Kennedy
de 8h00 à 12h00

Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl




**10.02.**
### FUSSBALLSTURNÉIER (SCHOULPROJET)
Péiteng – Sportzenter 'Bim Diederich' · vun 13.30 bis 18.30 Auer

Org.: Lycée Mathias Adam (Top Baller)

**11.02.**
### KANNERFUESBAL
Lamadelaine - Centre de loisirs
Ufank: 15.00 Auer

Org.: Coin de Terre et du Foyer Lamadelaine

**18.02.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Kulturhaus 'A Rousen'
Ufank: 10 Auer

Org.: Péiteng on Air – Radio Tele Gemeng Péiteng

**25.02.**
### KANNERFUESBAL
Péiteng - Home St Hubert
(52, rue de l'Eglise)
vun 14.00 bis 18.00 Auer

Org.: Société de gymnastique la courageuse Pétange

**29.02.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Kulturhaus 'A Rousen'
Ufank: 20 Auer

Org.: Les Amis des jumelages de la commune de Pétange asbl

### BUERGBRENNEN AN DER PÉITENGER GEMENG

**17.02.**
### PÉITENG BEIM SCOUTSCHALET
Ufank: um 18.30 Auer
Fir Animatioun ass gesuergt
Fräien Entrée

Org.: Péitenger Guiden a Scouten

**18.02.**
### LAMADELAINE UM ROUTRÄIS
Ufank vum Cortège:
um 19.15 Auer
Nomëttes Animatioun beim Fräizäitzenter
Fräien Entrée

Org.: Amicale du CIS

**18.02.**
### RODANGE OP DER DÄNNEKNIPPCHEN
Ufank: ab 14.00 Auer
Nomëttes Animatioun op der Plaz
Fräien Entrée

Org.: Amicale Nidderréidend

**25.02.**
### 10e GRAND PRIX DU KORDALL
Rodange – Sportshal
(rue Jos Moscardo)
vun 9 bis 20 Auer · Salltombola

Org.: DT Kordall 95

**03.03.**
### PLOGGING 'TOUR 2'
Rendez-vous bei der Rodanger Sportshal · um 10.00 Auer

Org.: Commission de l'Environnement

**05.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng - Kulturhaus 'A Rousen'
Ufank: 19 Auer

Org: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

**07.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Rodange - Centre culturel
vun 16.00 bis 19.00 Auer

Org.: Lëtzebuerger Fraen
a Mammen – Jeunes
Mamans Rodange

**08. an 09.03.**
### SCOUTSTHEATER
Péiteng - Home St Hubert
(52, rue de l'Eglise)
Ufank: 19.30 Auer

Org.: Péitenger Guiden a Scouten







**10.03.**
### BAZAR UM INTERNATIONALE FRAENDAG
Rodange - Kulturzenter
(av. Dr. Gaasch)
vun 10 bis 21 Auer

Org.: Union des Femmes
Luxembourgeoises

**11.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Am Home
Ufank: 19.30 Auer

Org.: CSV Gemeng Péiteng

**13.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Lamadelaine – Fräizäitzenter
Ufank: 20 Auer

Org.: Société Chorale Lamadelaine

**14.03.**
### LIESUNG VUM CLAUDINE MUNO
Lamadelaine - An der Uecht
Ufank: 19.30 Auer

Org.: Geschichtsfrënn aus
der Péitenger Gemeng

**17.03.**
### FRÉIJOERSFEST
Rodange - Centre culturel
vun 14.00 bis 19.00 Auer

Org.: Chorale Sänger vun der Bich

**17.03.**
### KIDS SECOND HAND
Lamadelaine - Centre de loisirs
vun 9.00 bis 17.00 Auer

Org.: Harmonie des Jeunes
Rodange & Lamadelaine

**18.03.**
### GRAND MARCHÉ
Pétange – Place J.F. Kennedy
de 8h00 à 18h00

Org. : Association des
professionnels des foires
et marchés asbl

**20.03.**
### AM KÄERJENGER TREFF
'Vu Buedem, Bauzen
a Biobaueren', Projektioun
vun engem Dokumentarfilm
vun der Vereenegung fir
Biolandwirtschaft Lëtzebuerg
mat anschliessender Diskussion.

um 19.00 Auer

Fräien Entrée.

Org.: Gemeng Péiteng
a Gemeng Käerjeng

**21.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Centre WAX,
Sall 'Um Späicher'
Ufank: 18 Auer

Org.: Konscht-Millen asbl

**21.03.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Pétange - Maison de la culture
« A Rousen »
de 19h00 à 21h00

Org. : déi Lénk Section Pétange

**22.03.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Rodange - Centre culturel
de 17h00 à 19h00

Org. : Cercle philatélique Rodange

**23.03.**
### KAPESETZUNG
Lamadelaine - Centre des loisirs
um 20.11 Auer
Tickets um 621 227 315.

Org.: KaGePe

**23.03.**
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng - Kulturhaus 'A Rousen'
vun 10.30 bis 12.00 Auer

Org: Péiteng On Air

**24.03.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Rodange – Centre culturel
début : 18h00

Org. : Foi et Lumière Minette














Participe activement à l'action



## 'ENG KUER FIR D'NATUR' le samedi 23 mars 2024

en aidant à nettoyer les espaces publics, ensemble avec les sociétés locales et les service de régie !

08h00 : Rendez-vous (lieu sera communiqué)

08h15 : Coup de balai dans la commune de Pétange

12h30 à 16h00 : Fête populaire aux ateliers communaux 'An der Léier' rue de Linger à Pétange

Animations pour enfants, grillades, potage aux pois

Inscription avant le 8 mars 2024
à inscriptions@petange.lu
en indiquant tes nom, adresse, numéro de tél. et le nombre de participants

**28.03.**
**GENERALVERSAMMLUNG**
Péiteng - Kulturhaus 'A Rousen'
Ufank: 19.30 Auer
Org: Union Cycliste Pétange

Plus d'informations sur www.petange.lu

# Wat war lass?






**05.12.2023** - *Am Festsall vum LMA zu Lamadelaine hat déi Péitenger Museksschoul op hire grousse Wanterconert, déi fréier „Audition de Noël", invitéiert. E ganzt Joer laang hunn d'Schüler a Schülerinnen – vu ganz jonk bis e bëssi manner jonk – geléiert a geübt. A wéi et esou schéin an der däitscher Sprooch heescht „Übung macht den Meister". An dat huet een och op der Bühn héieren, wou sech d'Musiker in spee produzéiert hunn an hiren Optrëtt och all Kéier mat vill Applaus belount gouf.*














# RENTNERFEIER 2023





C'est dans le cadre d'une grande fête de Noël que les crédirentiers de la commune de Pétange se sont rassemblés au Centre sportif Bim Diederich à Pétange pour passer quelques heures agréables dans une ambiance festive. Un programme musical multilingue mais aussi un show de magie ont su enchanter tout le monde. Et puisque c'était Noël, une bonne goutte ainsi qu'une colation furent servies à tous les convives. A la sortie, un beau parapluie offert par la commune de Pétange fut remis aux personnes présentes.





















**09.12.2023** - *Samschdes den 9. Dezember goung et am Home St. Hubert zu Péiteng héich hier. Fir de Rock the South haten sech dëst Joer nees 4 Museksgruppen – „Dystate“, „7 Last“, „Invigora“, „Sempervira“ ageschriwwen - an hu viru Publikum hir Performance zum Beschten ze ginn. Headliner vum Owend war de Grupp „Porn Queen“, an och d'Gewënner vum leschte Joer waren op der Plaz an hu fir richteg gutt Stëmmung gesuergt. De Jury huet schlussendlech déi schwéier Entscheedung geholl an de Gewënner annoncéiert. Dëst Joer goung den 1. Präis un „Invigora“. Net nëmmen d'Musiker, och d'Musekfans, déi de Wee an den Home fonnt haten, ware méi wéi zefridde mat dësem gelongenen Owend.*





**14.12.2023** - *Kultur a Sport waren d'Haaptpunkten, déi bei der alljährlecher Feier „Mérite culturel et sportif“ am Mëttelpunkt stoungen ewéi déi zwee Präisser iwwereecht goufen. De „Mérite culturel“ goung dëst Joer un d'Josette Conzemius-Holcher, dat sech a jonke Jore ganz sportlech gewisen huet ier dunn den Télévie e wichtege Bestanddeel vu sengem Liewe gouf.*
*Awer och d'Molereie steet bei him ganz uewe bei den Hobbyen, an et kéint een sech déi sëlleche Coursen an Atelieren an der Konscht-Millen net ouni si virstellen.*
*Net ze vergiessen natierlech, datt si och politesch engagéiert war a bis viru kuerzem nach am Gemengerot d'Bierger a Biergerinne vertrueden huet.*

*De Serge Thill war an ass nach ëmmer e Minettsdapp, deen sech duerch säi Fussballstalent net nëmmen hei an der Gemeng Péiteng, awer och doriwwer eraus en Numm am Fussball gemaach huet. Sief et beim Progrès Nidderkuer, bei der Union, zu Gréiwemaacher oder zu Athus an der Belsch, iwwerall war hien e richtege Goalgetter an huet et fäerdegbruecht, mat senger „frappe“ dee klengen Ënnerscheed ze maachen. Zu Ahtus huet hien an enger Saison esouguer 63 Goaler geschoss, eng staark Leeschtung, déi hires Gläiche sicht.*
*Leider hat hien ni d'Chance an deene 14 Matcher, déi hir fir d'Nationalmannschaft gespillt huet, e Goal ze schéissen. Et kann ee jo och net alles hunn...*
*Haut hu seng Bouwen iwwerholl a ginn hiren eegene Wee am Fussball. A fir dës Leeschtungen um Feld, awer och fir seng Aarbecht mat der Jugend krut de Serge Thill dëst Joer de Mérite sportif vun der Gemeng zougesprach.*







**15.12.2023** - *Nach der jeweils letzten Gemeinderatssitzung des Jahres und in Anwesenheit der Schöffen- und Gemeinderäte werden traditionsgemäß verdienstvolle Mitarbeiter der Gemeinde zu einem Abendessen eingeladen, wo sie geehrt werden. Im vergangenen Dezember erhielten die Mitarbeiter, welche seit 20 Jahren im Dienst der Gemeinde stehen sowie diejenigen, die im Lauf des Jahres 2023 in Rente gingen, ein Geschenk in Form eines Gutscheins überreicht. Altbürgermeister Pierre Mellina erhielt ebenfalls eine Anerkennung für seinen langjährigen Einsatz als Oberhaupt der Gemeinde.*










**16.12.2023** - *De 16. Dezember goufen déi Schüler a Studente belount, déi eng Demande eragereecht hate fir d'Enn vun hirer Formatioun respektiv fir den erfollegräichen Ofschloss vum Schouljoer. Am ganze koumen 1284 Ufroen eran, dovunner haten 243 Kandidaten eng Formatioun ofgeschloss. Dëst Joer huet d'Gemeng Primë fir insgesamt 166.175€ un déi jonk Leit ausgedeelt. Fir hiren Erfolleg ze éieren hat déi Péitenger Gemeng op e klengen Empfang an d'Kulturhaus A Rousen op Péiteng agelueden, wou en Deel vun hinne perséinlech felicitéiert kruten.*





**16.12.2023** - *An der Seniorie St. Joseph zu Péiteng grad esou ewéi an der Residence Neiwiss haten sech Memberen aus dem Schäffenrot vu Péiteng afonnt fir de Pensionären a béiden Haiser hir Neijoerswënsch z'iwwerbréngen. Eng gutt Geleeënheet fir e puer Wuert mateneen ze schwätzen an ze gecksen. Mat eidelen Hänn kommen d'Politiker awer ni heihinner, an esou kruten d'Leit och dëst Joer alleguer e flotte Kaddo fir 2024 gutt unzefänken.*





















**16.12.2023** - *Äddi Museksschoul, housch et op dem „Concert d'adieu", deen déi Péitenger Museksschoul op d'Bee gestallt hat. Eng leschte Kéier gouf hei e Concert proposéiert, wou nach eng Kéier un all déi schéi Momenter erënnert gouf, déi d'Léierpersonal, d'Musikanten a Sänger, awer och d'Leit aus der Direktioun hei verbruecht hunn. An dach, d'Virfreed op déi nei, modern a flott Raimlechkeete waren e Grond fir sech trotz enger klenger Tréin am An op 2024 ze freeën.*







# Mir gratuléieren!



Op 90 Joer bléckt de **Michel Gros** zeréck, deen op sengem groussen Dag d'Gléckwënsch vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot entgéintgeholl huet. Och de Mupp huet net dierfe feele fir dëse Gebuertsdag. An esou ewéi dat schonn zënter laange Jore gemaach gëtt, ass de Schäfferot net mat eidelen Hänn bei de Jubilar komm, ma huet him eng gutt gefëllte Corbeille matbruecht.



An der Seniorie St Joseph zu Péiteng housch et nees eng Kéier „Happy Birthday" wéi d'**Jeanne Bley-Stemmler** hire 95. Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vu Familljememberen huet si d'Gléckwënsch vu Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale an och vum Schäfferot, deen si mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht huet, entgéintgeholl. Uschléissend goufen et selbstverständlech e klenge Ständchen an e Pättchen zu hiren Éiren.



Enn Dezember gouf d'**Alice Haler-Reisch** 90 Joer jonk. Dëse ronne Gebuertsdag huet si zu Péiteng an der Seniorie St Joseph gefeiert, wou si elo doheem ass. Ëmgi vu Familljemememberen huet si och déi beschte Wënsch vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie a vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot, déi hir e schéine Kaddo matbruecht haten, entgéintgeholl.



Mat engem grousse Laachen am Gesiicht huet d'**Carmen Tonon-Conversano** zu Rodange an der Residence Neiwiss hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Zesumme mat Familljememberen, enger Dame aus der Direktioun vum Haus esouwéi mat Membere vum Schäfferot, déi eng schéi gefëllte Corbeille matbruecht haten, huet d'Gebuertsdagskand et sech net entgoe gelooss fir op dëse ronne Gebuertsdag unzestoussen.

# Un archivage conforme à la loi



Les collèges des bourgmestre et échevins des communes de Pétange et de Käerjeng ainsi que les Archives nationales de Luxembourg se sont réunis pour officialiser la signature des tableaux de tri de ces deux communes.

Les deux communes, ensemble avec les représentants des Archives nationales de Luxembourg avaient deja collaboré durant l'année 2020 sur un projet pilote ayant pour objectif la confection d'un tableau de tri générique applicable à toutes les communes luxembourgeoises.

Ce tableau de tri a été élaboré en étroite collaboration avec les différents services des deux administrations communales et poursuit les objectifs suivants :

- se mettre en conformité avec la loi du 17 août 2018 relative à l'archivage ;
- assurer la sélection et la conservation des archives définitives/historiques devant être conservées sans limitation dans le temps ;
- simplifier, harmoniser et rationaliser la gestion des documents et des données dans les espaces de stockages physiques et/ou numériques.

# Neie Mataarbechter



Zënter dem Ufank vum Joer verstäerkt de **Chris Czempisz** d'Equipe vun den Agents communaux an der Gemeng Péiteng.

# RPL-TV

**Wat war lass?**

Cyclo Cross international du Nouvel An 01.01

**Loisirs exceptionnels :**

Chantal Schmit (broderies et crochet)

**Commerce :**

Bella Linea Rodange

RPL TV




www.petange.lu

# A la recherche de familles d'hôtes pour les étudiants de Schio




Du 11 au 14 avril 2024, des étudiants notre ville jumelée de Schio en Italie visiteront notre commune dans le cadre de leur concours « Euromaster ». Les Amis des Jumelages de la commune de Pétange lancent un appel aux habitants concernant l'hébergement de nos invités.

Les personnes ou familles s'occuperont des 15 jeunes du jeudi 11 avril au soir jusqu'au dimanche 14 avril vers 8h00 et leur offriront un hébergement ainsi que les petits déjeuners.

En contrepartie, les hôtes sont invités a participer a la soirée « quilles » du vendredi et au dîner d'adieu du samedi.

Si vous avez la possibilité d'accueillir un ou deux jeunes, veuillez nous contacter le plus tôt possible par tél. 621 320 616 (après 11h00) ou par e-mail perrardj@pt.lu

Merci d'avance pour votre hospitalité.

NOUVEAUX COMMERCES

# L'Atelier du son



Depuis 2015, l'Atelier du son se trouve à son adresse actuelle dans la rue de la Gare à Pétange. C'est un adresse incontournable pour les musiciens. Que ce soient des débutants ou des professionnels, tout le monde y trouve son compte. A la recherche d'instruments à vents ou de cuivres, d'instruments appartenant à la famille des bois, de tableaux de comparaison, les clients reçoivent des conseils individualisés par les collaborateurs.

L'équipe du magasin est spécialisée dans la vente mais aussi la réparation d'instruments et leurs accessoires. Toujours de haute qualité et de marques réputées dans le domaine. De plus, il est aussi possible d'avoir une fabrication sur mesure et de laisser faire l'entretien d'un instrument de musique.



### Heures d'ouverture

*Du mardi au vendredi*

de 13h30 à 18h30

*Le samedi*

de 10h00 à 16h00

**Contact: 8, avenue de la Gare · L-4734 Pétange**
**Tél. +352 26 50 09 18**

Leichte Sprache

# Bald ist Kavalkade in Petingen

In **Petingen** findet jedes Jahr die Kavalkade statt.

## Was ist die Kavalkade?

Die Kavalkade ist ein großer Umzug.
Viele bunte Wagen fahren dann durch die Straßen.
Auch Musik-Gruppen sind dabei.
Einige Gruppen gehen zu Fuß.
Sie singen, tanzen und verteilen Süßigkeiten.
Die meisten Gruppen sind verkleidet.

Viele kleine Buden stehen auf den Plätzen.
Dort kann man etwas zu essen oder zu trinken kaufen.

Dieses Jahr ist die Kavalkade am **Sonntag 10. März 2024**.
Sie fängt um **14:11 Uhr** an.

**Der Eintritt** zur Kavalkade in Petingen **gratis**.
Jeder kann kommen und sich amüsieren.

### Die Kavalkade ist eine Tradition

Die Kavalkade in Petingen findet zum 67. Mal statt.
Sie ist die größte im ganzen Land.
Sie ist eine **Tradition** in der Gemeinde Petingen.
Eine **Tradition** ist etwas, das immer wieder kommt.
Deshalb kennen die Menschen die Kavalkade sehr gut.



### Die Zuschauer

Jedes Jahr kommen viele Leute zur Kavalkade.
Sie wollen sich amüsieren.
Und sie freuen sich auf den Umzug.
Die Kinder sind froh, wenn sie Süßigkeiten bekommen.
Deshalb bringen sie auch kleine Körbe oder Tüten mit.

Viele Erwachsene schauen zu und haben bunte Kostüme an.
Die Kinder sind auch verkleidet.

## Leichte Sprache

Viele Kinder malen ihre Gesichter an.
Bei der Kavalkade sieht man viele Bunte Kostüme und Gesichter.
Das ist sehr lustig.

### Partys feiern vor der Kavalkade


Auch vor der Kavalkade ist viel los.
Viele Vereine organisieren Partys.
Die Partys findet in Cafés oder großen Sälen statt.
Es gibt Partys für Kinder.
Es gibt auch Partys für Erwachsene.
Da tanzen die Menschen und sie singen.
Dort sind viele verkleidet.

## Kape-Sëtzungen vor der Kavalkade

In der Gemeinde Petingen gibt es auch **Kape-Sëtzungen**.
Das sind **große Partys**, wo ganz viele Leute sind.
Auf der Bühne treten Musiker und Sänger auf.
Sie wollen, dass die Menschen im Saal mit-singen.
Komiker treten auch auf der Bühne auf.
Sie tragen **Sketche** vor.
In den Sketchen werden witzige Dinge gesagt.
Manchmal sagen die Komiker witzige Sachen über Politiker.
Aber diese lustigen Sachen sind **nicht** ernst gemeint.

Die Kape-Sëtzungen sind sehr beliebt.
Deshalb muss man sich anmelden.

Wie können Sie sich anmelden?



Sie können eine **SMS** schicken.
**Die Telefonnummer ist 621 227 315.**



Oder Sie schicken **eine E-Mail** auf
rjusten@pt.lu oder info@kagepe.lu

Mehr Informationen finden Sie auf www.kagepe.lu










# 76e CYCLO-CROSS
## INTERNATIONAL DU NOUVEL AN











